N°849
Entrée le 05.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.06.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Mobbing a Cybermobbing si grouss Problemer an eiser Gesellschaft an an eise Schoule. Fir déi Betraffe ka Mobbing zu laangfristege mentale Problemer féieren. Op der Bee Secure Helpline hu fir d'Schouljoer 2022/2023 sech 101 Mannerjäreger oder hir Elteren an hirer Plaz fir Hëllef gemellt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Ministère Zuele virleeën, wéi vill Fäll vu Mobbing a Cybermobbing u Mannerjäregen an de leschte 5 Joer bei de Schoule (Primärschoule, Lycéeën, Maison Relaisen) selwer gemellt gi sinn?
2. Kann de Ministère Zuele virleeën, wéi vill Fäll vu Mobbing a Cybermobbing u Mannerjäregen an de leschte 5 Joer bei der Police gemellt goufen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°849
Entrée le 05.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an dem Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro Nr. 849 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

D'Fäll vu Mobbing respektiv vu Cybermobbing, déi bei de Schoulen a Maison-relaise selwer gemellt ginn, ginn net statistesch zentral erfaasst.

Et gëtt awer reegelméisseg Récksprooch mat de lokalen a regionalen Acteure gehalen, fir si beschtméiglech bei der Präventioun vu Mobbing esouwéi bei der Protektioun vu betraffene Persounen ze ënnerstëtzen.

Et ass richteg, datt et am Schouljoer 2022/23 101 Kontaktopname vu Kanner/Jonken oder Elteren op der BEE SECURE-Helpline goufen. Allerdéngs hunn dës Kontaktopname verschidden Theemen ëmfaasst, d'Theema Cybermobbing kënnt dobäi op der drëtter Plaz.

Déi dräi Haaptheeme waren:

- Sextortion (Erpressung mat der Veröffentlechung vun intimen oder kompromettéiernde Biller oder Videoen): 36 Mol;
- Cyberkriminalitéit: 18 Mol;
- Cybermobbing: 11 Mol

Wat méi allgemeng Zuelen zu Cybermobbing betrëfft, sou kann op d'HBSC-Studie (www.hbsc.org) mat den Donnéeën (Alter: 11-18 Joer) déi am Joer 2022 erhuewe goufen, verwise ginn: https://iris.who.int/bitstream/handle/10665/376323/9789289060929-eng.pdf?sequence=2&isAllowed=y

**Ad 2)**

D'Programméierung vun den Datebanken erlaabt et der Police net, Faite vu Mobbing a Cybermobbing gretrennt erauszefilteren.

D'Police ka just Zuele matdeelen zu Mobbing fir follgend Joren, ouni den Ënnerscheed ze maachen, ob et sech ëm Cybermobbing oder Mobbing handelt an ouni opzeschlësselen, ob et sech ëm mannerjäreg oder groussjäreg Persounen handelt.

| ***Année*** | ***Infractions saisies*** |
|---|---:|
| 2019 | 47 |
| 2020 | 46 |
| 2021 | 89 |
| 2022 | 77 |
| 2023 | 124 |

D'Police verweist drop, datt si am Kader vun der Präventiounsaarbecht op hirer Internetsäit Informatiounen zum Theema Mobbing an Ulafstellen zur Verfügung stellt: https://police.public.lu/de/prevention/cyber-mobbing.html

Lëtzebuerg, de 5. Juli 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH